N°3229
Entrée le 22.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 3229 vum 24. November 2025 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

***Fro 1:***

***Wéi eng konkret legislativ oder reglementaresch Ännerunge sinn zu Lëtzebuerg néideg, fir déi am Kader vun der CNE MMA virgesi Vereinfachung vu juristeschen an administrativen Demarchen ëmzesetzen?***

Am Kader vun der genannter CNE MMA (Central Northern European Military Mobility Area) Initiativ ginn déi bestoend national juristesch an reglementär Dispositionen analyséiert. Zil ass et ze evaluéieren, ob an a wéi wäit punktuell oder permanent Upassungen néideg sinn, fir d'Prozeduren effizient, kohärent an am Aklang mat der europaeschen an internationale Verflichtungen vum Grand-Duché ëmzesetzen. Eventuell Adaptatione géifen, no de gültege Prozeduren esou ewéi an enker Ofstëmmung mat de concernéierten Acteure virbereet ginn.

Als konkret Beispiller kënnen Initiativen am Beräich vun der militärescher Mobilitéit genannt ginn, déi dorop ofzilen, administrativ a juristesch Prozeduren am Kontext vu grenziwwerschreidende militäresche Beweegungen ze vereinfachen an ze harmoniséieren. Dëst ëmfaasst ënnert anerem eng méi eenheetlech Approche fir d'Dokumentatioun, eng ofgestëmmte Praxis bei der Identifikatioun an der Kennzeechnung vu Convoien, esou wéi eng koordinéiert Behandlung vu spezielle Transportkategorien, notamment am Beräich vun „oversized-overweight" tëschent deene Länner déi dës Lettre d'intention ënnerschriwwen hunn. Dës Recommandatioune fanne sech och op europäeschem Niveau an der rezenter Propositioun vum *Military Mobility Package* erëm, déi vun der Europäescher Kommissioun den 19. November 2025 virgeluecht gouf.

***Fro 2:***

***Gëtt et en Zäitplang, bis wéini dës eventuell néideg Gesetzesupassungen ausgeschafft an dem Parlament virgeluecht solle ginn?***

D'Lettre d'intention gesäit nom Datum vun der Ënnerschrëft eng Zäitspan vu 2 Joer fir d'Ëmsetzung vir.

***Fro 3:***

***Huet dësen Accord Auswierkungen op d'national Infrastruktur (Stroossen, Bräcken, Schinnen), a mussen hei technesch Upassunge gemaach ginn, fir den Transport vu schwéierem militäreschem Material ze garantéieren?***

Aktuell gëtt eng Etüd gefouert, fir ze préiwen, ob déi bestoend Infrastrukturen och mëttel- a laangfristeg de verschiddenen zivilen a militäresche Besoinen gerecht ginn.

***Fro 4:***

***Wéi gëtt d'Koordinatioun mat den Nopeschlänner, speziell mat der Belsch an Däitschland, séchergestallt, fir eng nahtlos Grenziwwerschreidung ze garantéieren?***

D’Koordinatioun mat den Nopeschlänner geschitt am konstruktive Kader vun de bestoende multilaterale Mechanismen, souwuel op europäeschem wéi och op internationalem Niveau. E reegelméissegen Austausch tëschent de kompetenten Autoritéite garantéiert eng kohärent an ofgestëmmten Approche.

***Fro 5:***

***Mat wéi enge finanziellen Auswierkunge rechent de Ministère fir d'Ëmsetzung vun dëser Initiativ?***

Eng definitiv Bewäertung vun de finanziellen Auswierkunge kann eréischt nom Ofschloss vun den aktuell lafenden Etüde gemaach ginn.

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2025.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes